Generalversammlung vun der Sektioun AVL vum 16. Mäerz 2012

Bericht vun der Beamtendelegatioun vum Carlo Elter

D'Beamtendelegatioun vun da Gemeng Lëtzebuerg vertrëtt sämtlech Funktionären déi ob der Gemeng schaffen.

De Justin, deen am Oktober an de Gemengerot gewielt gouf, huet missen op der Gemeng kënnege fir säi Mandat ab November kënnen am Gemengerot unzetrieden, dëst huet derzou gefouertn datt d'Danièle Feller dunn de Poste vum 1.Sekretär iwwerholl huet, hatt mecht dat tiptop. Vize-Prësident sinn ech. Doduerch ass dunn den Dondlinger Lou als effektiven Delegéierten nogeréckelt, an de Roden Rom als Ersatzdelegéierten.

Effektiv-Member an der Personaldelegatioun sinn: den Alain Bonifas, Yvon Dondelinger, Lou Dondlinger, Patrick Clement, Danièle Feller, Lou Marx an ech, Carlo Elter.

Ersatzvertrieder sinn: t'Sonja Kiefer, Mike Jaerling, Marc Jacoby, Marc Hoffmann, Gérard Imbert, Romain Roden a Jean-Claude Weber.

Praktesch an all Sitzung vun da Delegatioun gouf iwwert den AVL geschwat, mee och an deenen anere Servicer op da Gemeng ginn et Problemer. Z.B. an de Foyeren,Crèchen, bei den Agents municipaux asw. Am Service des Parcs leeft de Moment ee Audit, hei hu mir et fäerdeg bruecht d'Zären ze retten, jo, esouguer hu mir et fäerdeg bruecht datt eng nei Zär gebaut gett. Och d'"Journée Santé Sécurité" ass duerch eis an d'Liewe geruff ginn. Si fënnt dëst Joer de 24. Abrëll statt, haut koum eng Circulaire fir drop hin ze weisen datt vill Workshope beluecht sinn esou datt dëst ee groussen Erfolleg ass.

D'Sécherheet op der Aarbechtsplaz bleift ëmmer een aktuellt Thema. Am Kontext vum Zwëschefall vu Steesel bleift hei nach vill Klärungsbedarf an t'Personal, wat vill matt Kanner ze dinn huet, ass doduerch veronséchert.

Dann hu mir eng Propose un de Schäfferot gemeet fir ee „Compte épargne temps" anzeféieren. Hei ass d'Idee, datt jiddwereen de gesetzleche Congé vu 25 Deeg pro Joer soll eran huelen a wat dann net erageholl ka ginn - plus Iwwerstonnen - op de "Compte épargne temps" ze setzen, esou datt déi Deeg resp. Stonnen net verfale kënnen. Beim AVL hu mir dat elo schons praktesch. Wat nach ëmmer net klappt dat sinn déi Relève vum AVL déi mir ëmmer erëm versprach kréien awer ni bei eis ukommen, z.B. t'Zuele vun der sous-traitance, d'Berechnung vum Personalschlëssel, t'Chiffere vun eise Rou- a Congésdeeg déi ausstinn an t'Zuele vun de Krankmeldungen. Et kritt een t'Gefill, datt eis Direktioun eppes ze verstoppen huet.

T'Kolleginnen an t'Kollege vum Gaz- an Elektrizitätswierk goufen den 1. Januar un Enovos/Creos ausgelagert, wat net einfach fir déi Betreffend wor. Hei hu mir ee „Groupe de suivi" vun der Delegatioun dee puer mol am Joer zesummen kënnt fir Problemer, déi um Terrain bestinn, ze léisen. Hei schaffe mir mat der Delegatioun vun Enovos/Creos zesummen.

Gëschter ass mir zu Ouere komm, datt bei enger Réunioun vum Verwaltungsrot vun Enovos/Creos d'Direktioun sot: datt eis Leit eng formidabel Aarbecht maachen, déi souguer op ville Punkte besser wir wéi déi vun hiren eegene Leit. Dëst héiere mir gären a bestätegt eis an eiser Approche, datt Leit aus dem öffentleche Sektor grad esou gut, wann net besser Aarbecht maachen, wéi déi aus der Privatwirtschaft.

Enovos/Creos huet elo ower de Problem, datt déi gut Leit hinnen an der Gemeng fortlafen.

Och hu mir an enger Sitzung t'Schäfferotserklärung op de Leescht geholl, hei wir ech frou wann de Bausche Fränz eis ee puer Wuert iwwer déi geplangte „communité urbaine" kéint soen.

Also d'Aarbecht geet eis net aus.

Ech géif dann elo direkt op de Punkt 8 vum Ordre du Jour vun haut iwwergoen, d'Delegatiounswahlen 2012.

Dir gesitt wéi wichteg déi Delegatioun do fir eis all ass, mir trieden déi Wahle mat enger Lëscht vun 32 Kandidaten un, mee ouni eise Spëtzekandidat vun deene Joere virdrun, dem Justin, him wëll ech hei nach eemol ee grousse Merci ausschwätze fir all déi Aarbecht déi hien an all deene Joere fir t'ganz Personal gemeet huet. Merci Justin.

Ech kommen dann elo zu eiser Lëscht a stellen d'Kandidaten vun der AVL-Sektioun fir Delegatiounswahlen fir.

Carlo Elter